N°2452
Entrée le 16.07.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

Gemeinsam Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden, a vum Här Minister fir Famill, Solidaritéit, Zesummeliewen an Accueil, Max Hahn, op d'parlamentaresch Fro n°2452 vum 13. Juni 2025 vum honorabelen Députéierten Marc Goergen zum Sujet "Congé parental pour les élus communaux".

Wäert d'Regierung zu Lëtzebuerg eng Auszäit, am Stil vum Congé parental, fir kommunal Mandatsdréier aféieren?

Fir Urecht op Congé parental ze hunn, muss ee während mindestens 12 Méint virum Ufank vum Congé parental eng professionnell Aktivitéit ausgeübt hunn an der Sécurité sociale affiliéiert gewiersch sinn.

All Gemengeconseiller oder Gemengeconseillère, dee sech an enger Aarbechtsrelatioun befënnt an doduerch och Recht op Congé politique huet fir säi politescht Mandat auszeüben, profitéiert schonn haut vun den Aarbechtsrechter aus dem Code du travail, ënner anerem och d'Urecht op de Congé parental[1]. Konkret heescht dat, dass all Gewielten, dee sech haut an enger Aarbechtsrelatioun oder ähnleches befënnt an e politescht Mandat ausübt, Recht op all déi verschidden Congés extraordinaires huet.

E Gemengeconseiller oder eng Gemengeconseillère, déi sech net an enger Aarbechtsrelatioun befannen, mee iwwert en anere Wee sozial verséchert sinn a cotiséieren, kënnen, ënnert verschidde Konditiounen, och Urecht op Congé parental hunn.

Wéi sinn déi intensiv Gespréicher mam SYVICOL ofgelaf a wat ass fir déi nächst Méint geplangt?

Nodeems déi verschidde Cas de figuren établéiert gi sinn, ass fest gestallt ginn, dass de Besoin fir en eegene Régime vu Congé parental fir déi lokal Gewielten ze schaafen net ginn ass.

Donieft wäert d'Regierung, wéi am Koalitiounsaccord festgehalen, de Congé parental weider promouvéieren an en zousätzleche generelle Modell vun néng Méint aféieren.

Lëtzebuerg, den 16. Juli 2025
Den Inneminister
(s.) Léon Gloden

[1] Règlement grand-ducal modifié du 6 décembre 1989 concernant le congé politique des bourgmestres, échevins et conseillers communaux, *« Art. 6. Le congé politique est considéré comme temps de travail effectif. Pendant la durée du congé politique, les dispositions légales en matière de sécurité sociale et de protection de l'emploi restent applicables. (…)* ».